N° 6388
Reçue le 22.06.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.06.2022

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Juni 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Logementsminister weiderzeleeden.

Fir den Drock op den Immobiliemarché ze reduzéieren, gëtt zu Lëtzebuerg vill vun der ëffentlecher Hand gebaut, notamment duerch de Fonds de Logement (FDL) an d'Société Nationale des Habitations à Bon Marché (SNHBM).

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Logementsminister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Wunnunitéiten wärend de Joren 2019 bis 2021 jeeweils fir den FDL an d'SNHBM fäerdeggestallt goufen? Weivill bewunnbar Metercarréen ?
2) Kann den Här Minister matdeelen, wéi héich den duerchschnëttleche Baupräis pro bewunnbaren Quadratmeter waar fir den FDL an d'SNHBM 2019-2021 ?
3) Wei héich waaren d'Personalkäschten an Funktionementskäschten pro gebautenem a bewunnbarem Quadratmeter fir den FDL an d'SNHBM 2019-2021 ?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

**Äntwert vum Wunnengsbauminister op déi parlamentaresch Fro n°6388 vum 22. Juni 2022 vum Här Deputéierte Roy Reding betreffend d'Promoteurs publics.**

Déi vum Deputéierte gefrote Statistike ginn net alleguerte systematesch erfaasst a gehéieren a punkto SNHBM s.a. och zum Deel zu wettbewerbsrelevanten Zuelen a kënnen aus dem Grond net ëffentlech gemaach ginn.

**Fro 1.**

Déi pro Joer fäerdeg gestallte Wunnenge fannt Dir an de jeeweilege Rapport d'activités vun dem Fonds du Logement an der SNHBM. Am Detail gesäit dat folgendermoossen aus:

| Logements achevés | SNHBM | Fonds du Logement |
|---|---|---|
| 2019 | 226 | 41 |
| 2020 | 200 | 82 |
| 2021 | 300 | 98 |

D'Gréisst vun de Wunnengen ass pro Projet disponibel awer net zentral ofruffbar. Dëst ännert wann de Nationale Regëster fir déi Erschwénglech Wunnenge – RENLA en place ass.

An der Moyenne ass ee Logement ronn 82 m2 Wunnfläch grouss. Appartementer si jee no Typologie 45-110 m2 grouss, Haiser maximal 140 m2.

**Fro 2**

Duerchschnëttspräisser aus de Ventë vu FdL a SNHBM an de leschte Méint stellen sech folgendermoossen duer:

D'Verkafspräisser fir subventionéiert Eefamilljenhaiser (indice 924,32) situéieren sech tëscht 3.889 €/m2_SUH bis ob 4.688 €/m2_SUH.

D'Verkafspräis fir subventionéiert Appartementer (indice 924,32) situéieren sech tëscht 4.101 €/m2_SUH bis 4.745 €/m2_SUH.

Wichteg ze soen ass, dass dee Präis mat 17 % TVA ass. D'Acquereure kennen also nach bis zu max. 50.000 € TVA (taux réduit 3 %) beim Enregistrement zréckfroen.

**Fro 3**

D'Personalkäschten a Fonctionnementskäschte ginn net eenzel fir all Projet gerechent. An der Vente applizéieren d'Promoteurs publics en Coefficient d'entreprise vu ronn 10 % deen déi sougenannten „Overhead-Käschten" ofdeckt an am Verkafspräis inclus ass. Dëse Koeffizient hëlt direkt an indirekt Personalkäschten, esou wéi all aner indirekt Käschten en charge a gëtt reegelméisseg opgrond vun der Analyse vun de Joreskonten aktualiséiert.

Lëtzebuerg, den 15/07/2022.
De Wunnengsbauminister
(s.) Henri Kox